ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Banneminister, d'Madame Kulturminister an den Här Kultusminister weiderzeleeden.

Am August ginn et dräi Joer, datt an der Weilerbaach zwou Hellegestatue gekäppt goufen. Weilerbaach, wou e Flüchtlingsheem ass, dat zur Zäit renovéiert gëtt, war fréier emol eng Kuranstalt, ier de Staat et iwwerholl hat. Ronderëm de Foyer ass e klenge Park a Plazen, wou ee spadséiere goe kann. Allerdéngs gëtt den Entretien hei plazeweis net seriö gemaach. Esou sinn déi gekäppte Figuren och no dräi Joer nach ëmmer net reparéiert oder restauréiert, mee si grad esou stoen a leie gelooss ginn, wéi si futti gemaach goufen. Déi eng gekäppten Hellegefigur ass net onbekannt an nennt sech „statue du Sacré-Coeur au parc", déi aner steet an der Heliar-Grott. An der Grott läit och nach Dreck, e Biesem an eng Dreckstut. Alles an allem mécht dat ee vernoléissegten, ongefleegten a respektlosen Androck. Dozou kommen dann nach eng beschiedegt Fënster vun der Kierch, déi net reparéiert gëtt, a Schmierereien un der Kierchendier, déi de Fändel vun de syresche Rebellen duerstellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech den zoustännege Ministere gär folgend Froe stellen:

1. Goufen Ermëttlungen an dësem Fall vu Vandalismus ënnerholl an ofgeschloss? Goufen déi Schëlleg ermëttelt a bestrooft? Gëtt et eventuell Erkenntnesser iwwert hir Beweeggrënn?
2. Ass et richteg, datt den Terrain, op deem dës beschiedegt Statue stinn oder leien, dem Staat gehéiert? Wa jo, ass de Staat och zoustänneg fir den Entretien vun an op deem Terrain?
3. Firwat sinn déi beschiedegt Statuen no dräi Joer nach ëmmer net reparéiert oder restauréiert, mee grad esou stoen a leie gelooss ginn, wéi si futti gemaach goufen?
4. Firwat gëtt d'Heliar-Grott an engem inakzeptabelen, knaschtegen Zoustand gelooss?
5. Kann d'Madame Kulturminister bestätegen, datt et sech bei där enger beschiedegter Statu, der „statue du Sacré-Coeur au parc", ëm eng Skulptur vum Josy Jungblut handelt – engem Lëtzebuerger Skulpteur, vun deem ënner anerem och eng ganz Rei Monumenter am Land bestinn, déi un d'Affer vum Zweete Weltkrich an d'Lëtzebuerger Onofhängegkeet erënneren? Wa jo, huet d'Regierung da kee kulturellen Intressi dorunner, dës Statu reparéieren ze loossen an ze erhalen?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

6. Firwat gëtt déi beschiedegt Fënster vun der Kierch net reparéiert an de Fändel vun de syresche Rebellen, deen op d'Dier gesprayt gouf, net ewechgemaach?
7. Huet d'Regierung sech eventuell schonn un den Äerzbistum oder un de Kierchefong gewant, wa si selwer net gewëllt ass, dës Plazen an Objeten ze ënnerhalen an ze fleegen, well dës nieft dem ästheteschen Aspekt och eng chrëschtlech reliéis Bedeitung hunn? Huet d'Regierung wëlles, hei aktiv ze ginn, sief dat selwer oder iwwert d'Kontaktéiere vum Äerzbistum oder vum Kierchefong?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten